

Béise Jong

Ech fueren man Stoussauto
mat mengem läschte Stong,
ech kommen mär fir ewéi den King Kong.
Ech fuere gemittlech mat mengen Flip Flop,
an ech gesin en schon vun wäitem e Robocop.

Jo ech wees ech konnt et jo net loossen,
an elo muss ech och nach blosen.
Ech fille mech awer nach total fit,
schäissegal dee Robocop deen huet mech kritt.
Ech mengen deen doën dee ka mech net leiden,
dee fängt direkt un mat mär mat streiden.
Eppes as secher ech sin net gerannt,
mee dee Flick huet mech awer schéin vernannt.

Vun der Long op Zong!
Fort as de Bong
Béise béise béise Jong!
Vun der Long op Zong!
Fort as den Bong
Béise béise béise Jong!

Jo ech weess Gesetz as Gesetz,
behandelt een awer net ewéi dee läschte Kretz.
E bëssen Gefill an fläischt och Mensch bleiwen,
an nët direk unfänken ee Protokoll ze schreiwen.
Huet déi richtig, ech hun dach näischt gemeet,
Alkohol, eng Zigarett et deet mär jo Leed.
Dat alles as dach total iwwerdriwen,
an dofir hun ech mat engem Kräiz ënnerschriwen.

Duerch d'Feier gin ech fir Dech

Ech sin nëmmen nach gärer bei där.
Wann ech un dech denken brennt et bei märe.
Ech muss ëmmer erëm un dech denken.
Ech well där gären mäin Liewen schenken.
Bei där war ech direkt verkaf a vergin,
ech hat dech nëmmen eng Kéier gesin.
Wann ech un dech denken kacht mäin Blut.
Ech sin esou gärer bei där dat deet esou gutt.

Ech sin nëmmen nach gärer bei där.
Ech well nët drun denken wat ouni dech wär.
Mat där well ech mäin Liewen liewen.
A fir dech géif ech esou guer stierwen.
Mat där sin ech glécklech.

Ech well där soen ech léiwen dech.
Wann ech un dech denken kacht mäin Blut.
Ech sin esou gärer bei där dat deet esou gutt.

Duerch d'Feier gin ech fir dech
Du bas alles fir mech
Ech kann nët méi nët méi ouni dech
Ech brauch dech du bass Alles Alles fir mech

Ech sin nëmmen nach gärer bei där.
Ech denken ëmmer un dech ech hun dech gärer.
Ech ka meng Gefiller nët beschreiwen.
Ech well fir ëmmer bei där bleiwen.
Fir mech bass du Alles wat et gëtt.
E Liewen ouni dech gët et fir mech net.

De Minett

Mär kommen aus dem Minett,
mär wëssen wat mär sin.
Eis Elteren hu schwéier geschafft,
missen vill iwwert sech ergin.
Am Minett hat fréier keen eppes,
keen hat e Su an der Täsch.
Haut, haut denkt keen méi do drun
haut as alles ewech.

Näischt hannen an näischt vir, e richtege Minettsdapp.
Näischt um Teller, a gewinnt an engem Schapp.
Et as geschafft gin a keen denkt méi do drunn.
Op an der Miniär oder Arbed oder op der Bunn.

Mär sin éierlech riichteraus
a bestëmmt nët frech
Mär sin aus den Minett
Jo mär sin vun Esch

Mär kommen aus den Minett mär hu scho vill gesin.
Eis Politiker ewéi se kommen a ewéi se gin.
Eis Elteren hun de Minett zu deem gemeet wat en ass.
Bei eis ass all Mensch Wëllkomm, egal vun wou en ass.

Mär wëlle bleiwen wat mär sin
Mir Wölle Bleiwen Wat mer sin

Hossa Fred

Ech spiren d'Sonn a mengem Genéck, ech hu Gléck ,
ech mengen haut gëtt et e Stéck.
Jiddereen ass kuerz gekleet, d'Sonn heet,
ech si bereet, mäin Numm as Fred.
Nëmmen nach Haut, et gëtt sech agecreemt,
ech sin ewéi geleemt, ech hu gedreemt.
Mäin Kierper brennt, d'Sonn heet wat eng Freed,
HOSSA HOSSA FRED

Ech spiren d'Sonn op mengem Kapp, Quatsch-Kapp,
ech sin déck am Schapp.
Jiddereen ass kuerz gekleet, d'Sonn heet,
ech si bereet, mäin Numm ass Fred.
D'Sonn brennt mär op den Réck ech hun alles am Bléck,
ech mengen ech gi verréckt.

Huel mech, huel mech erbäi
Huel mech ech sin dobäi
Huel mech ech doen mech aus
Et gëtt waarm, d'Sonn kënnt eraus

Ech spiren d'Sonn an mengem Genéck, alles am Bléck,
ech hun een rouden Réck
Jiddereen as kuerz gekleet, d'Sonn heet,
ech sin bereet, mäin numm as Fred.
Ech kucken mech am Spigel ech sin total verbrannt,
hun mech selwer net erkannt.
Mäin Kierper brennt, d'Sonn heet, wat eng Freed,
HOSSA HOSSA FRED

Ech sin verluer

Ech weess net méi ween ech sin
Ech weess och net méi wou hin ech gin
Ech sin verluer
Ech sin verluer

Ech hätt gär ganz einfach meng Rou
Ech hun de Kapp esou schwéier an esou zou
Ech sin verluer
Ech sin verluer

Ech wees ech packen et vläicht
Ech weess ech hun Näischt
an ech kréien och Näischt

Dat Alles deet mär wéi
Dat alles kann a well ech net méi
Ech sin verluer
Ech sin verluer

Dat alles gött mär zevill
Dat alles as kee Spill, ech hun e schlecht Gefill

Ech sin verluer, ech sin verluer
Ech sin verluer, ech sin verluer
Wat hunn ech nach hei verluer
Ech sin total verluer
Ech brauch keen vun äersch alleguer

Lëtzebuerg

Op der Landkaart si mär och just ee klenge Fleck
Jo Lëtzebuerg ass ee klengen Eck
Jo mär sin eben e ganzt ganzt klengt Land
An eis Sprooch ass op der ganzer Welt net immenz bekannt

An Europa si mär ëmmer nach e klenge Fleck
Mär sin zwar kleng mee mat eis mecht keen de Geck
Jo mär sin eben e ganzt ganzt klengt Land
An eis Sprooch ass als Sprooch emol nët unerkannt

E Land dat zesummen hält
Lëtzebueg eng Raritéit op dëser Welt
E Land e Land dat zesummenfällt

Alles gött méi deier an 't intresséiert keen
E staarkt Europa mee fir ween ?
Lëtzebuerg an Europa mär sin dach nët blann
Ma stierscht äersch den Euro dach hannen hannen eran

E Land dat zesummen hält
Lëtzebueg eng Raritéit op dëser Welt
E Land e Land dat zesummenfällt

Mär lossen eis nët gäre beléien
Mär lossen eis nët gäre kastréieren
Emmer erëm déi selwescht Verspriechen
Där kennt äersch dat villt Geld an den Arsch stiechen

Du hues deng Chance verpasst

Kuck emol dohin, da kuck emol!
Hues du daat gesin, dréin dech emol em!
Wat ass dat eng Moss, wat ass dat eng Moss
du muss dohin, me dann géi dach!
Daat ass deng Chance, huel se
Dat ass däin Dram, ma huel se
Géi dohin, da géi dach , a waard net nach laang

Rapp dech zesummen, kuck déi Moss
géi elo dohin, du wäers dach bal goen
Soss hues du hatt vläicht fir d'Läscht gesin
Dat ass deng Chance, du Idiot denk net no, géi dach
Wann s du nach laang waards
dann ass et net méi do.

Du hues net opgepasst
Du hues net opgepasst
Du hues deng Chance verpasst
Jo du hues se verpasst

Gesäiste ewéi séier, ewéi séier
dass dat geet, ewéi dat geet
Hatt as nēt méi do
elo deet et där Leed, et deet där Leed
Ech hat där et jo gesot, lauschter dach op mech
géi schwätz hatt un, du bass jo nēt gaang
Elo ass hatt fort, nēt méi do
an dat hues du dovunn.